

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Net nëmmen an der UNO, mee och am Europarot, a speziell um Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter (EGMR), hunn NGOen an deene leschte Jore massiv un Afloss gewonnen. Dëst beweist ënner anerem eng Enquête vum franséischen Affekot a Chef vun der NGO "European Center for Law and Justice" (ECLJ), Grégor Puppincq, déi uganks 2020 publizéiert gouf an där hir Verizitéit nodréiglech vum Europarot selwer unerkannt gouf. De Puppincq huet nogewisen, datt d'"Open Society Foundations" (OSF) vum amerikanesch-ungaresche Milliardär George Soros ee méi oder manner gewiichtegen Afloss op d'Urteeler an och op d'Riichternominatiounen um EGMR, dee vum Europarot ofhänkt, ausüübt. Den ECLJ huet sech bei dëser Enquête op zwee Elementer fokusséiert:

An engem éischte Schrëtt huet den Här Puppincq sech den CV vun honnert Riichter ugekuckt, déi tëscht 2009 an 2019 um EGMR gewierkt hunn. Eng detailléiert Analys vun dësen CVen huet him gewisen, datt eng iwerméisseg grouss Zuel vu Riichter direkt Verbindunge mat der OSF haten. Siwen NGOen, déi Kontakter mam Här Soros hunn, hunn an dësem Zäitraum jeeweils ee Kandidat aus hire Reien als Riichter um EGMR duerchgesat, dorënner Human Rights Watch an Amnesty International. Vun deenen honnert permanente Riichter, déi tëscht 2009 an 2019 um EGMR geschafft hunn, haten/hunn der 22 eng direkt Verbindung zur OSF. Zu deenen 22 geselle sech nach etlech aner Riichter, déi eng indirekt, dat kann och heeschen eng finanziell Verbindung zur OSF haten/hunn.

An engem zweete Schrëtt huet den Här Puppincq d'Interessekonflikter ënnersicht, déi entstinn, wann eng NGO, déi vum Här Soros ofhängeg ass, dem EGMR eng Affär ënnerbreet, déi dann tranchéiert gëtt vun engem Riichter, deen derselwechter NGO ugehéiert huet. An esou Fäll wier et deontologesch gesinn ubruecht, wa sech de Riichter aus der Affär géif zeréckzéien. Hien ass awer net dozou verpflichtet. Den Här Puppincq huet nogewisen, datt bei esou Fäll, jiddefalls tëscht 2009 an 2019, sech de Riichter bal ni aus der Affär zeréckgezunn huet, just 12-mol an zéng Joer! 88-mol koum et zum Broch mam Deontologieskodex vun de Riichter: wa vun engem Riichter eng Decisioun zu Gonschte vun enger NGO getraff gouf, fir déi hie viru senger Nominatioun geschafft hat.

An deem Kontext hu mir follgend Froen un d'Regierung:


- 1) Wéi positionéiert sech déi Lëtzebuenger Regierung zu dësen Enthüllungen?

- 2) Kann d'Regierung confirméieren, datt de Lëtzebuerger Riichter um Europäesche EGMR (a méiglecherweis säi/seng Virgänger) a kenger Form un eng NGO gebonnen ass oder war, déi Afloss un dësem mächtege Geriicht ausübt?
- 3) Kann d'Regierung noweisen, datt de Lëtzebuerger Riichter um EGMR a keng Geriichtsaffär involvéiert war, aus där hie sech opgrond vu senger eventueller Bindung un eng NGO hätt missen zeréckzéien, fir een Interessekonflikt ze vermeiden?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten



Roy Reding  
Deputéierten